



Madame COUTO Paula  
Conseillère communale

15, rue Amalbergue

L-4806 RODANGE

2026.73027.SECR – E. Referenz

Péiteng, de 17. September 2026

**Betreff: Är Froe vum 17. August 2026**

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Här Yves Schiltz - Tel.: 50 12 51 - 3011)

Madamm Couto,

An Ärem Bréif vum 16. August 2026, deen der Gemengeverwaltung de 17. August 2026 per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schännerot folgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schännerot,*

*An Ärer Äntwert vum 4. Juli 2025 Referenz 2025.67082.SECR gëtt uginn, datt aktuell ronn 10 gréisser Chantieren am Héich- an Déifbau lafen an 9 weider Projeten an der Planung sinn. Dobäi handelt et sech ënner anerem ëm Schoulen, Maison-Relais a Stroossebauaarbechten. Aus der Äntwert geet awer net ervir, op wéi enger Basis dës Projeten un Entreprisë verginn goufen. Ech bieden ëm eng detailléiert Opstellung pro Projet, fir d'Transparenz bei der Vergab vun den ëffentlechen Opträg nozevollzéien.*

*An deem Zesammenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:*

- 1. Wéi vill vun den aktuelle Projeten an de Projeten an der Planung falen ënnert d'Bestëmmunge vum Gesetz vum 8. Abrëll 2018 iwwer d'ëffentlech Opträg (loi du 8 avril 2018 sur les marchés publics)*
- 2. Fir wéi eng vun dëse Projeten ass eng ëffentlech Ausschreiwung duerchgefouert ginn?*
- 3. Wéini goufen déi jeeweileg Ausschreiwungen publizéiert (Datum an, wa méiglech, Referenz oder Publikatiounsplattform)?*
- 4. Wéi vill Projeten oder Opträg sinn ouni ëffentlech Ausschreiwung verginn oder realiséiert ginn?*
- 5. Fir all Projet, deen ouni ëffentlech Ausschreiwung verginn gouf, op wéi eng gesetzlech Ausnam aus dem Gesetz vum 8. Abrëll 2018 huet sech de Schännerot gestäipt?*
- 6. Kënnt de Schännerot eng komplett Opstellung vun alle Chantieren a Projeten, bei deenen d'Gemeng Péiteng zënter dem Akraaftriede vum Gesetz vum 8. Abrëll 2018 iwwer d'ëffentlech Opträg als Bauhär oder Optraggeber opgetrueden ass, virleeën?*



Fir all eenzelne Projet bieden ech ëm déi folgend Informatiounen:

- den Numm an eng kuerz Beschreiwung vum Projet;
- de geschätzten an de definitiven Optragswäert;
- ob de Projet ënnert d'Bestëmmunge vum Gesetz vum 8. Abrëll 2018 iwwer d'ëffentlech Opdrag gefall ass;
- wéi eng Vergabeprozedur applizéiert gouf;
- den Datum vun der Publikatioun vun der Ausschreiwung an d'Referenz vun der Publikatioun;
- den Numm vun der Entreprise oder den Entreprises, déi den Opdrag zougeschwat kruten; an, falls keng ëffentlech Ausschreiwung duerchgefouert gouf, op wéi eng gesetzlech Ausnam sech de Schäfferot gestäipt huet an aus wéi engem Grond.

Mat Respekt,  
Paula Couto,  
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Fir e bessert Verständnis muss ee wëssen dat all Liwwerung, Déngschtleeschung oder Aarbecht fir eng ëffentlech Instanz (also och fir eng Gemeng) déi duerch en Drëtte realiséiert gëtt, ënnert d'Bestëmmunge vum Marchés-Gesetz falen. Dëst Gesetz baséiert op enger europäescher Direktiv, wou Transparenz, *Egalité de traitement* an *Non-discrimination* als fundamental Prinzipie gëllen. Des Prinzipie gëllen och falls eng Ausname-Prozedur benotzt gëtt.

D'*Procédure ouverte* (besser bekannt ënnert "ëffentlech Ausschreiwung") ass dobäi d'Prozedur, op déi ee sech am einfachste beruffe kann an déi am Prinzip ëmmer méiglech ass. Si ass awer net déi eenzeg, gesetzlech zouläseg Vergabeform. D'Gesetz kennt ënner anerem d'*Procédure restreinte*, d'*Procédure concurrentielle avec négociation*, den *Dialogue compétitif* an, ënner méi strikte Konditiounen, d'*Procédure négociée sans publication préalable*.

Dëst Wëssen ass ëmsou méi wichteg, well de Begrëff „ouni ëffentlech Ausschreiwung“ net mat „ouni Vergabeprozedur“ oder esouguer „ausserhalb vum Marchés-Gesetz“ gläichzesetzen ass. Dat sinn zwou komplett verschidde Saachen.

Esou ass zum Beispill drop hinweisen dat e Bauprojet aus enger *Maîtrise d'oeuvre* (Architekt, Ingenieur, Haustechnik, Statik, etc.) an enger Rei eenzele *Marchés de travaux* oder Louse (Gros oeuvre, Toiture, HVAC, Gips, Elektrik, Facades, etc.) bestoe kann. Dofir kann een net ëmmer soen „dëse Projet fält ënnert d'Gesetz“ an domat ass alles gekläert ; déi eenzel Opdrag kënnen verschidde Regimier a Schwellen (Seuils) hunn, wou dann och verschidde Prozedure méiglech sinn.

Wann d'Gemeng en Opdrag, spröch *Marché public* (Liwwerung, Déngschtleeschung oder Aarbecht) muss verginn, gëtt dësen ob Basis vum Marchés-Gesetz analyséiert fir ze bestëmmen ënnert wéi enger Prozedur den Opdrag muss vergi ginn, respektiv wéi eng eventuell verschidden Alternativ-Prozeduren et ginn. Dëst, fir ze garantéieren dat den Opdrag ënnert de beschte Viraussetzungen, zum beschte Präis, am optimalen Zäitraum, a mat akzeptabele Folgekäschten (Entretien, Ënnerhalt, Liewensdauer, etc.) realiséiert ka ginn.

Um Portail (<https://pmp.b2g.etat.lu/entreprise>) kann all Persoun mat de verschiddenste Filteren déi national *Marchés publics* / Opdrag nosiche wou d'Gesetz d'Obligatioun virgesäit se do ze publizéieren. Wann d'Gesetz virgesäit dat se och europäesch publizéiert musse ginn, fënnt een des och ënnert der Adress <https://ted.europa.eu/fr/>. Dësweideren ginn des Ausschreiwungen och a mindestens zwou lëtzebuurger Dageszeitunge publizéiert.

Wann en Opdrag net um Portail ze fannen ass, dann handelt et sech em en ëffentlechen Opdrag deen no der Gesetzgebung ouni viregt Publikatioun vun engem *Avis de marché* ka vergi ginn. Zum Beispill ass aktuell ënner dem *Livre I* bei engem *Marché* ënner 79.000,00 Euro HTVA eng *Procédure négociée* oder *Procédure restreinte sans publication d'avis* méiglech, ouni datt nach eng speziell Ausnamesituatioun muss nogewise ginn. Déi nächst Tranche läit bei bis zu 144.986,80 Euro HTVA ; do muss bei mindestens dräi Kandidaten eng Offer ugefrot ginn.

